N°1628
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Office national de l'enfance (ONE) ass eng Verwaltung, déi sech fir de Jugendschutz hei am Land asetzt. Den ONE schafft selwer u Projeten an ënnerstëtzt och aner Prestatairen am Beräich vum Jugendschutz. Heifir bezilt den ONE senge Prestatairë fir d'Ausféierung vu verschiddene Servicer Suen aus.

An den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°988 an 820 huet de Minister Informatiounen iwwert den finanziellen Volume vun dëser Aarbecht oppegeluecht. Aus den Äntwerten goung ervir, dass den ONE vun 2019 op 2023 gekuckt ronn 650 Milliounen Euro un extern Prestatairen iwwerwisen huet, dovunner ronn 495 Milliounen (3/4 vun den Ausgaben) un déi 10 gréissten Prestatairen. Ronn 309 Milliounen goufe fir de Budgetsposten Forfaits journaliers (11733005) ausginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister den Tableau vun de Gesamtmontanten, déi den ONE un déi 10 gréisste Prestatairen ausbezuelt huet, op d'Joren 2019 bis 2023 ventiléieren? (Tableau aus der Äntwert op d'Fro n° 988)

2. Kann de Minister d'Gesamtmontanten vun de jeeweilege Budgetsposten aus dem Tableau aus der Äntwert n°820 deenen 10 gréisste Prestatairen zouerdnen?
   Aanechters gefrot: wéi verdeelen sech d'Budgetsposten aus dem Tableau op déi 10 gréissten Prestatairen?

3. 2022 loung de Budget vum ONE nach bei ronn 144 Milliounen Euro. Fir 2025 sollen d'Käschten op 208 Milliounen eropgoen. Dat si ronn 44% méi Ausgaben beim ONE bannent nëmme 4 Joer.
   - Wéi erkläert de Minister, nieft der Inflatioun zënter 2022, dës Hausse vun den Ausgaben beim ONE bannent dësem kuerzen Zäitraum?
   - Wéi eng weider Leeschtungen goufen beim ONE agefouert, déi dës Hausse erklären?

4. Wéi ee Service ass zoustänneg fir d'Préifung vun de Rechnungen, déi den ONE vu senge Prestataire kritt a wéi vill Beamten schaffe an dësem Service?

5. Wéi eng Prozeduren huet den ONE sech ginn, fir d'Rechnungen vu sengen externe Prestatairen

souwéi d'Qualitéit vun de Prestatiounen ze kontrolléieren, sou wéi se an de Kontrakter an Konventiounen festgehale goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

www.piraten.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1628 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

D'Gesamtmontanten, déi den ONE un déi 10 gréisste Prestatairen ausbezuelt huet, op d'Joren 2019 bis 2023 ventiléieren: cf. Annexe 1

**Ad 2)**

D'Gesamtmontante vun de jeeweilege Budgetsposten op déi 10 gréisste Prestatairë verdeelt: cf. Annexe 2

**Ad 3)**

Dës Hausse vum Budget vum ONE besteet aus engem inflationisteschen an aus engem organeschen Deel:

*Inflationisteschen Deel*

Allgemeng Inflatioun: Méiausgaben an dësem Deel entstinn haaptsächlech duerch d'Erhéijung vun de Personal- a Fonctionnementskäschte bei de Prestatairen.

Den allgemenge Präisindex ass zu Lëtzebuerg den Indikator fir dës Erhéijung: vun 855,62 Punkten am Joer 2022 op 981,07 Punkten am Joer 2025 (+14,66 %).

Een zousätzleche Facteur ass d'Anciennetéit vum Personal, wat zu enger Erhéijung vun de Personalkäschten ëm 1,49 % pro Joer féiert. Vu datt den ONE, respektiv de Staat, den AEF-Secteur käschtendeckend finanzéiert, sinn duerch dës Käschtenentwécklunge Méiausgaben entstanen.

*Organeschen Deel*

Zum organeschen Deel ass ze soen, datt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) dem demografesche Wandel Rechnung dréit an den AEF-Secteur ausbaut. Parallel dozou gouf och eng Erhéijung vun den Ufroen no Hëllef festgestallt. De MENJE bedreift an dësem Kontext eng proaktiv Preventiounspolitik. Dës ënnersträicht ënner anerem d'Wichtegkeet, verschidde Moossnamen ze stäerken, fir op déi ëmmer méi grouss Besoine vun de Kanner an de Jonken op eng adaptéiert Weis kënnen anzegoen. De Regierungsprogramm gesäit an dësem Kontext vir, déi ambulant Mesuren auszebauen an ze stäerken.

**Ad 4)**

Den zoustännege Service ass de Service Finances vun der Direction générale de l'aide à l'enfance et à la famille (DG AEF) vum MENJE. Dëse Service besteet aus 13 Posten.

Zousätzlech gëtt wei bei all staatlecher Institutioun all Ordonnance an all Paiement vum Contrôle financier vum Finanzministère gepréift a validéiert.

**Ad 5)**

Et bestinn intern Prozedure beim ONE a bei der DG AEF, déi virgesinn, datt all d'Rechnunge vun den externe Prestatairen op hir Richtegkeet, hir Konformitéit zu de Kontrakter an de Konventioune kontrolléiert ginn.

Wei an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 988 schonns formuléiert, gesäit den Artikel 31 vum *Règlement grand-ducal modifié du 17 août 2011 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires d'activités pour jeunes adultes et familles en détresse* am Kader vun den Agrementen, déi am Aklang mam ASFT-Gesetz ausgestallt ginn, vir, datt d'Critèren, déi zu der Ausstellung vum Agrement gefouert hunn, kontrolléiert kënne ginn. Dës Kontroll besteet aus Visitte bei de Prestatairë vun der Kanner- a Familljenhëllef, wou déi verschidden Elementer kontrolléiert kënne ginn.

Dës Prestatairë mussen sech och un den nationale *Rahmenplan der Kinder- und Familienhilfe* halen. Dëse Plang soll d'Interventioune vun de verschiddenen Spezialiste an dësem Beräich harmoniséieren a berifft sech op déi grouss Prinzippie vun der Internationaler Konventioun vun de Kannerrechter an definéiert gemeinsam Handlungsfelder, déi als Grondlag fir d'Beruffspraktiken a fir eng iwwergräifend Evaluatioun dénge sollen. Dëse Plang soll sécherstellen, datt all Kand, all Jugendlechen an all Famill, déi Hëllef brauch, eng beschtméiglech Ënnerstëtzung bei engem Prestataire aus dem Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef kritt, onofhängeg dovun, ob et sech ëm psychologesch Berodung, ambulant Moossnamen, sozialpedagogesch Betreiung oder den Accueil an enger Fleegefamill handelt.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

## Annexe 1 zur Fro 1 - Détail pro Forfait journailier (Detailer äus dem Tableau vun der QP988)

| Année | Accueil socio-éducatif | Accueil orthopédagogique | Accueil psychothérapeutique | Accueil urgent en situation de crise psychosociale aiguë | Accueil 0 - 3 ans | Accueil dans un petit groupe | Accueil socio-éducatif de jour dans un foyer orthopédagogique | Accueil socio-éducatif de jour dans un foyer orthopédagogique | Accueil socio-éducatif de jour dans un foyer orthopédagogique limité aux périodes scolaires | TOTAL |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **TOTAL** | **135 943 309 €** | **200 778 511 €** | **113 253 587 €** | **43 472 599 €** | **33 518 088 €** | **13 904 325 €** | **570 125 €** | **1 957 992 €** | **118 845 €** | **543 398 537 €** |
| ***Variation 2019-2023*** | *-11%* | *18%* | *75%* | *-1%* | *7%* | | | | | ***31%*** |
| **2019** | **18 248 000 €** | **20 109 628 €** | **9 578 074 €** | **4 683 701 €** | **3 474 021 €** | **- €** | **49 250 €** | **3 224 €** | **- €** | **56 145 900 €** |
| Anne asbl - Siège et Direction | 2 629 815 € | 2 175 065 € | 4 757 967 € | | 3 292 142 € | | | | | 12 854 989 € |
| ARCUS asbl - Siège et Direction | 3 292 956 € | 4 896 934 € | | | | | | 461 752 € | | 8 651 642 € |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 2 748 417 € | 2 074 210 € | 1 031 621 € | 1 156 713 € | 65 343 € | | | | | 7 076 304 € |
| Croix-Rouge Luxembourgeoise asbl | 3 746 783 € | 2 056 894 € | | | 840 308 € | | | | | 6 643 985 € |
| Fondation Kannerschlass | 1 668 546 € | 1 333 898 € | 122 182 € | | | | | | | 3 124 626 € |
| Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf | 1 380 301 € | 3 738 620 € | 2 160 651 € | | 78 246 € | | | | | 7 357 818 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | 726 774 € | 385 193 € | | 2 335 213 € | 38 290 € | | 49 250 € | | | 3 534 720 € |
| Solidarité Jeunes asbl | 786 074 € | 3 636 247 € | 1 505 654 € | | | | | | | 5 927 975 € |
| Fondation Pro Familia | | | | 1 191 775 € | | | | | | 1 191 775 € |
| **2020** | **14 604 579 €** | **20 908 604 €** | **11 917 433 €** | **5 002 822 €** | **5 292 145 €** | **- €** | **35 041 €** | **746 508 €** | **- €** | **58 507 131 €** |
| Anne asbl - Siège et Direction | 2 754 561 € | 2 597 903 € | 6 933 626 € | | 3 119 940 € | | | | | 15 406 030 € |
| ARCUS asbl - Siège et Direction | 1 721 127 € | 5 385 313 € | 987 790 € | | | | | 746 508 € | | 8 840 738 € |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 953 419 € | 2 474 345 € | 227 405 € | 1 291 423 € | | | | | | 4 946 592 € |
| Croix-Rouge Luxembourgeoise asbl | 2 064 434 € | 1 519 082 € | 690 209 € | | 2 163 453 € | | | | | 6 437 178 € |
| Fondation Kannerschlass | 937 199 € | 965 117 € | 1 385 748 € | | | | | | | 3 288 064 € |
| Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf | 1 936 843 € | 3 934 453 € | | | | | | | | 5 871 296 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | 404 128 € | 484 530 € | | 2 441 236 € | 8 752 € | | 35 041 € | | | 3 373 687 € |
| Fondation Pro Familia | 1 622 € | | | 1 270 163 € | | | | | | 1 271 785 € |
| Solidarité Jeunes asbl | 3 831 245 € | 3 547 860 € | 1 692 656 € | | | | | | | 9 071 761 € |
| **2021** | **13 397 504 €** | **22 985 318 €** | **12 987 213 €** | **4 872 505 €** | **2 583 653 €** | **312 591 €** | **74 858 €** | **- €** | **- €** | **57 213 642 €** |
| Anne asbl - Siège et Direction | 2 888 943 € | 1 980 807 € | | | 2 543 504 € | | | | | 7 413 254 € |
| ARCUS asbl - Siège et Direction | 1 469 552 € | 5 817 302 € | 6 834 769 € | | | 104 615 € | | | | 14 226 238 € |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 1 062 139 € | 2 569 967 € | 890 608 € | 1 282 815 € | | | | | | 5 805 529 € |
| Croix-Rouge Luxembourgeoise asbl | 1 619 814 € | 1 481 355 € | | | | | | | | 3 101 169 € |
| Fondation Kannerschlass | 253 642 € | 1 294 810 € | 1 261 855 € | | | | 1 960 € | | | 2 812 267 € |
| Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf | 2 223 755 € | 4 639 496 € | 1 568 965 € | | | | | | | 8 432 216 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | 337 283 € | 581 068 € | 999 900 € | 2 297 964 € | 40 150 € | | 72 898 € | | | 4 329 263 € |
| Fondation Pro Familia | 1 992 € | | | 1 291 726 € | | | | | | 1 293 718 € |
| Solidarité Jeunes asbl | 3 540 385 € | 4 620 513 € | 1 431 117 € | | | 207 976 € | | | | 9 799 991 € |
| **2022** | **14 226 118 €** | **24 399 201 €** | **13 785 176 €** | **4 864 718 €** | **3 129 120 €** | **2 437 289 €** | **92 001 €** | **- €** | **- €** | **62 933 622 €** |
| Anne asbl | 1 820 951 € | 2 800 022 € | | | 2 900 766 € | | | | | 7 521 739 € |
| ARCUS asbl | 2 151 929 € | 5 512 550 € | 8 230 890 € | | | 744 119 € | | | | 16 639 488 € |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 1 408 373 € | 2 196 445 € | 867 173 € | 1 342 194 € | | | | | | 5 814 186 € |
| Croix Rouge Luxembourgeoise asbl | 1 453 785 € | 1 833 405 € | | | | | | | | 3 287 189 € |
| Fondation Kannerschlass | 187 758 € | 1 046 994 € | 869 751 € | | 63 810 € | 532 852 € | 4 634 € | | | 2 705 799 € |
| Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf | 3 339 373 € | 4 529 953 € | 1 579 462 € | | 163 157 € | | | | | 9 611 946 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | 628 805 € | 876 227 € | 1 028 329 € | 2 131 052 € | 1 387 € | | 87 367 € | | | 4 753 167 € |
| Fondation Pro Familia | | | | 1 391 472 € | | 421 891 € | | | | 1 813 363 € |
| Solidarité Jeunes asbl | 3 003 258 € | 5 603 605 € | 1 209 570 € | | | 630 317 € | | | | 10 446 750 € |
| Liewenshaff - Paerd's Atelier asbl | 231 886 € | | | | | | | | | 231 886 € |
| Telos Education | | | | | | 108 110 € | | | | 108 110 € |
| **2023** | **16 259 240 €** | **23 785 578 €** | **16 717 793 €** | **4 625 109 €** | **3 719 900 €** | **8 404 566 €** | **67 825 €** | **- €** | **118 845 €** | **73 580 011 €** |
| Anne asbl | 2 125 620 € | 2 344 618 € | | | 3 295 480 € | 1 126 891 € | | | | 8 892 609 € |
| ARCUS asbl | 2 523 712 € | 4 648 188 € | 10 542 071 € | | | 2 247 576 € | | | | 19 961 546 € |
| Caritas Jeunes et Familles asbl | 1 701 235 € | 2 252 065 € | 899 747 € | 1 364 216 € | | | | | | 6 217 263 € |
| Croix Rouge Luxembourgeoise asbl | 1 551 553 € | 2 069 366 € | | | | | | | | 3 620 919 € |
| Fondation Kannerschlass | 215 445 € | 665 295 € | 1 087 169 € | | | 1 692 334 € | | | | 3 660 243 € |
| Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf | 2 946 641 € | 5 068 148 € | 1 665 846 € | | 30 979 € | | | | | 9 711 614 € |
| Fondation Maison de la Porte Ouverte | 742 441 € | 1 238 367 € | 1 190 273 € | 1 945 827 € | 364 678 € | | 67 825 € | | | 5 549 411 € |
| Fondation Pro Familia | 461 342 € | 259 600 € | | 1 315 065 € | 28 763 € | 734 209 € | | | | 2 798 979 € |
| Solidarité Jeunes asbl | 3 797 874 € | 5 239 931 € | 1 332 688 € | | | 1 496 701 € | | | | 11 867 194 € |
| Liewenshaff - Paerd's Atelier asbl | 193 376 € | | | | | | | | | 193 376 € |
| Telos Education | | | | | | 1 106 856 € | | | | 1 106 856 € |

Dës Montante baséieren op déi akkordéiert Accords de prise en charge (APC) vum jeeweilegen Exercice.

| Annexe 2 zur Fro 2 - Tableauen vun den ventiléierten Gesamtmontanten (Detailer äus dem Tableau vun der QP820) | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Joer / Budgetsartikel** | 11733001 - Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits journaliers et horaires définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 1, 6, 8 et 9 pour des mineurs non accompagnés demandeurs de protection internationale. | 11733005 - Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits journaliers définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 1,2,3 et 6. | 11733008 - Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits horaires définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 7,10,11,12,13 et 14. | 11733009 - Participation de l'Etat aux frais des mesures d'aide à l'enfance par des forfaits horaires définis par l'article 15 de la loi du 16 décembre 2008 aux points 8 et 9. | 11734011 - Participation de l'Etat aux frais d'indemnisation des familles d'accueil par des forfaits journaliers. | 11734012 - Contribution aux mesures d'accueil à l'étranger de mineurs ou de jeunes adultes en détresse psycho-sociale. | Grand Total |
| **2019** | **3 321 519,50 €** | **57 610 559,55 €** | **4 439 412,58 €** | **30 154 497,70 €** | **6 689 783,38 €** | **11 366 838,75 €** | **113 582 611,46 €** |
| ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl | 2 544,05 € | 12 917 026,60 € | 745 722,21 € | 5 894 991,23 € | | | 19 560 284,09 € |
| ANNE Asbl | 975 116,12 € | 9 019 891,00 € | 1 102 220,07 € | 1 720 683,53 € | | | 12 817 910,72 € |
| CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE | 1 142 754,40 € | 5 842 176,48 € | 3 239,90 € | 5 525 553,73 € | | | 12 513 724,51 € |
| SOLINA SOLIDARITE JEUNES | | 8 998 086,32 € | | 3 185 159,49 € | | | 12 183 245,81 € |
| FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF | | 7 887 920,55 € | | 1 555 981,45 € | | | 9 443 902,00 € |
| CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl | 13 147,28 € | 5 877 117,04 € | 259 459,20 € | 1 645 044,81 € | | | 7 794 768,33 € |
| MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.) | 972 623,77 € | 3 584 949,06 € | | 130 942,68 € | | | 4 688 515,51 € |
| FONDATION KANNERSCHLASS | | 2 273 551,93 € | | 1 332 469,98 € | | | 3 606 021,91 € |
| CARITAS JUGENDHILFEEINRICHTUNG | | | | | | 2 244 139,17 € | 2 244 139,17 € |
| ENSEMBLE GmbH | | | | 6 304,49 € | | 1 839 320,00 € | 1 845 624,49 € |
| **2020** | **4 573 029,84 €** | **58 420 948,07 €** | **4 569 947,00 €** | **31 644 228,06 €** | **6 809 104,36 €** | **9 521 931,33 €** | **115 539 188,66 €** |
| ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl | 15 576,81 € | 14 784 179,20 € | 592 128,03 € | 6 606 039,35 € | | | 21 997 923,39 € |
| ANNE Asbl | 877 332,06 € | 8 407 924,04 € | 1 724 793,50 € | 1 782 269,93 € | | | 12 792 319,53 € |
| SOLINA SOLIDARITE JEUNES | | 9 071 761,22 € | | 3 693 375,29 € | | | 12 765 136,51 € |
| CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE | 1 581 396,73 € | 5 974 373,81 € | 2 689,43 € | 4 598 302,87 € | | | 12 156 762,84 € |
| FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF | | 7 257 043,76 € | | 1 827 646,83 € | | | 9 084 690,59 € |
| CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl | | 5 706 976,17 € | | 1 537 422,63 € | | | 7 244 398,80 € |
| MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.) | 970 989,44 € | 3 373 686,62 € | | 161 107,01 € | | | 4 505 783,07 € |
| FONDATION KANNERSCHLASS | | 2 592 525,97 € | | 1 535 979,21 € | | | 4 128 505,18 € |
| FONDATION CARITAS LUXEMBOURG | 1 125 819,38 € | | | 761 025,79 € | | | 1 886 845,17 € |
| CARITAS JUGENDHILFEEINRICHTUNG | | | | | | 1 635 180,54 € | 1 635 180,54 € |
| **2021** | **5 122 588,55 €** | **57 226 004,42 €** | **5 616 444,87 €** | **34 928 380,03 €** | **6 836 170,99 €** | **8 840 425,68 €** | **118 570 014,54 €** |
| ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl | 325,65 € | 14 226 237,28 € | 465 684,77 € | 7 164 597,30 € | | | 21 856 845,00 € |
| SOLINA SOLIDARITE JEUNES | 5 700,15 € | 9 799 991,02 € | | 4 458 950,56 € | | | 14 264 641,73 € |
| ANNE Asbl | 843 000,41 € | 7 475 896,12 € | 1 637 596,40 € | 1 363 140,35 € | | | 11 319 633,28 € |
| FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF | | 8 432 215,12 € | | 2 190 341,13 € | | | 10 622 556,25 € |
| CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE | 1 984 692,10 € | 3 074 918,11 € | 2 436,41 € | 4 419 253,73 € | | | 9 481 300,35 € |
| CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl | | 5 781 498,81 € | | 1 798 838,40 € | | | 7 580 337,21 € |
| MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.) | 1 021 035,22 € | 4 329 263,19 € | | 205 973,60 € | | | 5 556 272,01 € |
| FONDATION KANNERSCHLASS | | 2 812 267,05 € | | 1 544 963,69 € | | | 4 357 230,74 € |
| FONDATION CARITAS LUXEMBOURG | 1 244 768,97 € | | | 1 004 229,70 € | | | 2 248 998,67 € |
| Fondation Pro Familia | | 1 293 717,72 € | | 339 749,89 € | | | 1 633 467,61 € |
| **2022** | **9 102 769,25 €** | **62 932 638,03 €** | **6 497 213,14 €** | **40 906 850,01 €** | **7 177 386,10 €** | **9 311 308,24 €** | **135 928 164,77 €** |
| ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl | 4 105,44 € | 16 639 487,63 € | 532 081,54 € | 8 045 754,77 € | | | 25 221 429,38 € |
| SOLINA SOLIDARITE JEUNES | 1 977,34 € | 10 446 749,78 € | | 3 886 835,46 € | | | 14 335 562,58 € |
| CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE | 4 624 575,46 € | 3 287 189,20 € | 27 144,48 € | 5 766 130,64 € | | | 13 705 039,78 € |
| ANNE Asbl | 1 285 305,66 € | 7 520 755,13 € | 1 578 000,88 € | 1 918 002,89 € | | | 12 302 064,56 € |
| FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF | | 9 512 598,62 € | | 2 686 376,01 € | | | 12 198 974,63 € |
| CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl | | 5 814 185,98 € | | 1 774 565,41 € | | | 7 588 751,39 € |
| MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.) | 1 738 100,91 € | 4 914 936,90 € | | 199 765,60 € | | | 6 852 803,41 € |
| FONDATION KANNERSCHLASS | | 2 641 988,83 € | 214 770,99 € | 1 862 072,80 € | | | 4 718 832,62 € |
| FONDATION CARITAS LUXEMBOURG | 1 428 112,13 € | | | 2 166 820,76 € | | | 3 594 932,89 € |
| Fondation Pro Familia | | 1 814 750,30 € | | 677 550,11 € | | | 2 492 300,41 € |
| **2023** | **20 526 079,90 €** | **73 576 632,67 €** | **8 588 704,70 €** | **48 758 437,26 €** | **7 575 115,19 €** | **9 275 422,18 €** | **168 300 391,90 €** |
| ARCUS KANNER JUGEND A FAMILL asbl | | 19 961 545,97 € | 684 831,85 € | 11 040 755,89 € | | | 31 687 133,71 € |
| SOLINA SOLIDARITE JEUNES | 8 060,86 € | 11 867 193,92 € | | 6 704 342,24 € | | | 18 579 597,02 € |
| CROIX ROUGE LUXEMBOURGEOISE | 7 704 917,59 € | 3 616 555,75 € | 20 331,26 € | 5 226 188,46 € | | | 16 567 993,06 € |
| ANNE Asbl | 2 575 230,05 € | 8 893 593,52 € | 1 737 505,31 € | 1 819 166,43 € | | | 15 025 495,31 € |
| FONDATION LETZEBUERGER KANNERDUERF | | 9 711 614,26 € | | 2 410 446,36 € | | | 12 122 060,62 € |
| FONDATION CARITAS LUXEMBOURG | 8 025 567,38 € | | | 2 463 007,28 € | | | 10 488 574,66 € |
| CARITAS-JEUNES ET FAMILLES Asbl | | 6 217 263,16 € | | 1 928 611,12 € | | | 8 145 874,28 € |
| MAISON DE LA PORTE OUVERTE (Fond.) | 2 209 499,78 € | 5 549 411,43 € | | 368 972,49 € | | | 8 127 883,70 € |
| FONDATION KANNERSCHLASS | 702,44 € | 3 660 242,68 € | 648 674,75 € | 1 975 623,95 € | | | 6 285 243,82 € |
| Fondation Pro Familia | | 2 798 979,39 € | | 700 128,93 € | | | 3 499 108,32 € |

Dës Montante baséieren op d'Paiementer vum jeeweilegen Exercice.